PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 23/05/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Mobilitéit weiderzeleeden.

An der Äntwert op d'parlamentaresch Fro n°1755 vum 22te Januar 2020 hat de Minister iwwert déi nei groussherzoglech Reglementer geschriwwen, déi d'Sécherheet am ëffentlechen Transport nei organiséiere sollen an déi al Reglementstexter sollen ersetzen. Den Text sollt zu deem Moment scho bal fäerdeg gewiescht sinn, sou d'Äntwert vum Minister.

> *"Do wäerten dann Bestëmmungen drastoen, wéi ee Benotzer vum ëffentlechen Transport sech soll behuelen, respektiv wat wien net dierf maachen."*

An der Äntwert op d'Nofro n°3484 vum 20te Januar 2021, also ee Joer no der éischter Fro, hat de Minister Folgendes geschriwwen:

> "*Leider huet d'Pandemie et net erméiglecht dësen komplexen Dossier bis elo ze finaliséieren. An den nächsten Wochen däerf een awer mat engem positiven Resultat rechnen an den Dossier kann soumadder op den Instanzewee goen."*

Op Legilux sinn, Stand haut, awer nach ëmmer déi nämmlecht groussherzoglech Reglementer a Kraaft.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Fro stellen:

1. Wou sinn déi vum Minister ugekënnegt Reglementstexter drun?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député